

Fernand Etgen  
President vun der Chamber  
Krautmaart  
Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Oktober 2021

**Oppene Bréif**

Betrëfft: Ennerschrëften fir d'Petitioun 2007

Kopie: Madamm Presidentin vun der petitiounskommissioun

Här President,  
an deene leschten Deeg hu ganz vill Leit d'Petitioun 2007 ënnerschriwwen.  
Et fält awer op, datt, bei deenen elektronischen Ennerschrëften,  
och nees vill Ennerschrëfte vun der Parlamentsverwaltung geläscht ginn.

Dëst ass e Virgang dee ville Leit Suerge mécht. Wuel ass et wouer, datt den eigentlechen Zweck vun der Petitioun scho laang erreecht gouf well si scho méi wéi 4.500 Ennerschrëfte krut. Et ass awer esou, datt där Petitioun virun e puer Deeg eng nei Bedeitung zougeschriwwen gouf well eng politesch Partei hir Positioun zu engem Verfassungsreferendum vun der Zuel vun den Ennerschrëfte fir d'Petitioun 2007 ofhängeg gemaach huet.


Et gëtt ganz sécher eng Rei vu legitimme Grënn fir Ennerschrëften ze läschen. An trotzdeem sief d'Fro erlaabt: wéi eng Krittäre ginn hei eigentlech zréckbehalen? Wat ass z.B. wann eng Persoun nëmmen ee vun hire Virnimm ugëtt an net all hir Virnimm déi op der Identitéitskaart stinn?

D'Chamber huet jo d'e-mail-Adresse vun all deene Leit déi elektronesch ënnerschriwwen hunn. Kéint si déi betrafte Leit net wéinstens informéieren, wann hir Ennerschrëft geläscht gëtt, esou datt si eventuell Feeler nach kënne corrigéieren? Aus Grënn vun Transparenz a Fairness, wär et wichteg, dass esou eng e-mail och un all bis dato geläschte Signatairen erausgeet.

Onkloer ass och d'Reegel vum Benotze vun enger an där selwechter e-mail-Adress zur Bestätegung vu verschiddenen elektronischen Ënnerschrëften. Ënnert wéi enge Konditiounen dierf een eng e-mail-Adress fir verschidden elektronesch Ënnerschrëfte benotzen? Mussen déi Leit op där selwechter Adress wunnen oder geet et duer wann si matenee Famill sinn oder awer ass et am Allgemengen erlaabt eng an déi selwecht e-mail-Adress ze benotze fir verschidden Ënnerschrëften? Dëst ass z.B. de Fall, wann een eng Persoun depanéiert, déi selwer keng Email Adress huet, dee méi beschwéierleche Wee vun der Ënnerschrëft op Pobeier awer net wëll goen.

A wéi ass et mat den Ënnerschrëften op Pobeier, wann nëmmen een Element feelt, dat awer ganz liicht nozesiche wär? Well dës Froen an dem aktuelle Kontext eminent wichteg sinn, biede mir lech eng dréngend Sëtzung vun der Petitiounskommissioun anzeberuffen, fir dës Froe kënnen ze klären.

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten